

Zesummen Doheem

Leider kënne mir dëst Joer net wéi gewinnt eisen Nationalfeierdag zesumme feieren. De Schaffen- a Gemengerot huet sech dofir kuerzfristeg eng Alternativ iwwerluecht, fir dass mir alleguer sécher Doheem an awer iergendwéi zesumme kënne feieren an dobäi eis Restaurateuren, déi finanziell mat am meeschten ënnert der Kris gelidden hunn, ënnerstëtzen.

D'Gemeng proposéiert all Awunner aus eiser Gemeng de *Virowend vun Nationalfeierdag (22.06)* ee Menü an ee vun eise Restauranten/Caféë sichen ze goen.

De Plat huet all Kéier ee Wäert vu 15 € an dir bezuelt just 5 €.

D'Gemeng Ierpeldeng-Sauer leet 10 € pro Awunner bäi.

Mir hunn de Betriber fräi Hand gelooss an hei hir Propositionen :

<i>Restaurant Dahm</i>	<i>Salade de Viande de Boeuf (Feierstengszalot)</i> <i>Pommes de Terre sautées/Moelleux au Chocolat</i>
<i>Camping Gritt</i>	<i>Ham, Fritten an Zalot</i>
<i>Casa Mexicana</i>	<i>Fajita de Pollo</i>
<i>Etangs de Mechelsbaach</i>	<i>Fir op äre Grill (Mettwurscht, Grillwurscht, Wäinzoossiss)</i>
<i>Café Barros</i>	<i>Scampis</i>

Fir vun dëser Offer ze profitéieren, muss dir :

- de Betrag vu 5 € pro Persoun aus ärem Stot, déi ee Menü wëll, op de Konto vun der Gemeng iwwerweisen, an dat **bis spéitstens Dënschdes, de 16. Juni 2020** mam Vermierk vum Restaurant. Wann der a verschidde Restaurante wëllt goen, muss dat kloer vermierkt ginn. (1 mol Barros, 2 mol Dahm etc.) Konto vun der Gemeng : CCPL LU 37 1111 0010 3767 0000
- äre Plat den **22. Juni am Nomëtteg tëscht 16h00 an 20h00** selwer an de Restaurant/Café siche goen.

Et ass ee Plat pro Awunner, net iwwerdrobar op aner Leit oder een aneren Dag!

Eeler Leit, déi guer keng Méiglechkeet hunn sech ze deplacéieren, sollen sech op der Gemeng melle fir hire Plat bruecht ze kréien.

Wëll mir trotz dem „Social Distancing“ wëllen zesumme feieren, wier et flott, wann dir den 22.06 um 22 Auer eng Käerz virun ärer Hausdier um Trottoir kéint ufänken amplaz vun eise traditionelle Fakelzuch.

Um Punkt 22 Auer géife mir och all zesummen d'Heemecht sängen oder spille virun der Hausdier.

Ganz flott wier et och, wann dir eis kéint Fotoe mat ärem Plat, engem Fändel oder einfach engem Schëld mat engem Message schécken op klack@erpeldange.lu.

Mir publizéieren déi dann op eise Reseauen an an der Klack.

Mir wënschen lech ee schéinen Nationalfeierdag an hoffen, dass mir nächst Joer erëm all zesumme feieren. Bleift gesond!